**Mass zu Éier vum Hellege Willibrord**
**Iechternach, den 10. November 2024**
**Priedegt vum Weibëschof Mgr Leo Wagener**

Léif Schwësteren a Bridder,

Wat fir e schéint Evangelium hu mir elo grad héieren!

Déi aarm Wittfra, déi zu deenen Äermsten vun der deemoleger Gesellschaft gehéiert, gëtt aus fräie Stécker hire läschte Su hir. Si werft hir läscht zwou Koffermënzen an den Afferstack vum Tempel zu Jerusalem.

An dësem Geste musse mir **méi** gesinn, wéi eng beispillhaft Generositéit zum Ënnerhalt vum reliéise Kult.

Dës Fra huet alles ginn, wat si hat, hire ganz Liewensënnerhalt betount de Jesus. Als Wittfra war si souwisou ganz schlecht drunn. Et wir net verwonnerlech geweescht, wa si dat Bëssen, wat si besiess huet duerch Heeschen kritt hat.

Elo gëtt si dat och nach aus der Hand. D'Mënzen gëtt si dem Tempel mee am Fong gëtt si sech selwer mat dësem Geste an d'Hand vum Herrgott.

An den Aan vun der Welt huet si sech nach méi aarm gemaach awer virum Herrgott huet si sech räich gemaach duerch hir generéis Léift an hiert grousst Vertrauen an hien.

Dat huet näicht mat Naivitéit a scho guer näischt mat Dommheet ze dinn, déi si wahrscheinlech vun anere nogesot kritt hätt.

Mir sinn do am Käer vun deem, wat „gleewen" ass. Gleewen ass net un éischter Plaz firwouerhalen wat anerer iwwer den Herrgott soen, - dat och - mee et ass am Läschten ee Sech-Ausliwweren (am gudde Sënn vum Wuert) un den Herrgott; et ass sech him ganz uvertrauen.

„Gleewen“ ass Eeschtmaachen mat Gott an zwar esou, datt ech mech him iwwerloossen. Dat ass keng Passivitéit, keng Komoditéit nom Motto: Hee soll elo alles an d'Hand huelen awer am léifsten esou wéi et mir déngt a fir mech gutt ass.

„Gleewen“ – croire - credere - kënnt vun „cor" an "dare“ a bedäit also dem Herrgott säin Häerz ginn. Dofir brauch et ëmmer nei den aktiven Elan vum Häerz. Dem Herrgott wierklech vertrauen geet jo ni vum selwen well d'Liewen net ëmmer a riichte Bunne verleeft a well mir Mënsche keng Séile-Roboter sinn.

Déi aaarm Wittfra aus dem Evangelium, déi also zu de Klenge gehéiert huet, léiert äis grouss vum Herrgott ze denken. Seng Gréisst läit doranner, fir déi Kleng do ze sinn. Dat hunn ëmmer erëm déi altestamentlech Proféiten betount. Dat dréckt jo och de "Magnificat" vun der Maria aus.

Dës Hiwendung vum Herrgott zu äis brauchen a kënne mir net kafen. Si kënnt aus sengem Wiesen, aus sengem Häerz, aus senger Léift.

De Jesus hätt gäer, datt seng Jünger sech un dëser Fra e Beispill huelen. Fir sech selwer brauch hien dat Beispill net well hien wäert sech um Kräiz zum Allerärmste maachen a sech sengem Papp am Himmel ganz uvertrauen: "*Vater, in Deine Hände lege ich méinen Geist" (Lk 23,46)*.

*Léif Pilgerinnen a Pilger,*

Är Blécker falen hei an der Basilika wéi vum selwen op dat wonnerbart Kruzifix, dat den Här Abbé Francis Erasmy am Chouer ophänke gelooss huet. Et féiert äis an d'Déift vun eisem Glawen, deen de Willibrord an eise Géigenden gestäerkt huet.

D'Kräiz ass den Afferstack, an dee sech de Jesus selwer mat sengem Liewen raginn huet. A senger Hingabe, déi mir an all Mass feieren dréckt sech säi Vertrauen an d'Trei vu sengem Papp aus.

Um Kräiz mécht Hien säi Liewen zu engem Don aus Léift fir äis, engem Don, deen esouguer de Kreesch aushält: “Firwat hues Du mech verlooss” (Mt 27,46)?

Dëst Gottvertrauen ass d’Basis vun all Liturgie, déi mir feieren.

All Kult bleift eidel, a wann hien och mat nach esou schéinen an déieren Géigestänn, mat nach esou enger schéiner Musek, mat nach esou engem schéine Gesank a gutt formuéierte Gebieder gefeiert géif, wann et un dëser ënnerer Hingabe vun äis un den Herrgott feelt.

Zu dësem Vertrauen ass net nëmmen de Priester erausgefuedert, mee all Gleeweg. Dat Zweet Vatikanescht Konzil huet de Katholiken d’Méiglechkeet ginn a gläichzäiteg och d’Opfuederung u si ergoë gelooss, fir sech aktiv un der Liturgie ze bedeelegen.

An dës aktiv Partizipatioun besteet net nëmmen am Iwwerhuelen vun Aufgaben, wéi déi vum Lektorendéngscht, dem Matsangen a Matbieden, dem Ausdeelen vun der Kommunioun asw, mee si bedäit och een ënnere Novollzoch vun deem, wat gefeiert gëtt.

Wann de *Kyrie* gebiet gëtt, da froën ech wierklech d’Erbaarmen vum Herrgott, wann de *Gloria* gesonge gëtt, da luewen ech wierklech den Herrgott mat mengem Häerz, wann *d’Wuert vum Herrgott gelies* gëtt, da sinn ech wierklech derbäi, wann d’*Wandlung* ass, da loossen ech mech ënnerlech an d’Hingabe vum Jesus mat eranhuelen, wann d’*Kommunion* ausgedeelt gëtt, dann loossen ech mech an op d’Eenheet mat dem Herrgott a mat deenen anere Menschen, wann ech *geseent* ginn, da wëll ech wierklech mat dem Segen vum Herrgott a mat sengem Fridden eraus goen a probéieren dat kléngt Stéck, dat ech hunn Evangelium verstan hunn ze liewen.

*Léif Schwësteren a Bridder,*

Bis et zu dësem Bewosstsinn komm ass, war et e wäite Wee an der Glawens- a Kierchenentwécklung. E Stéck vun deem Wee gouf an eise Géigenden duerch de Bëschof Willibrord gepräägt. Een Detail aus sengem Liewen stellt e Bezuch hir zu dem Evangelium vun haut.

Gestäipt op Geschichtsfuerschung[1] dierfe mir unhuelen, datt de Willibrord vu sengen Elteren am Alter vu 4 oder 5 Joer an d'Klouschter vu Ripon am Norden vum haitegen Groussbritannien bruecht gouf, fir do seng Erzéiung a Bildung ze kréien.

Dozou huet och gehéiert, datt hien als Kand enges Daags moies bei der Mass an d'Altorduch gewéckelt gouf a beim Moment vun der *Elevatio* vun der Hostie dem Herrgott entgéint gehal gouf. Hien gouf mat dësem Geste dem Herrgott als Don iwwerginn. Hien gouf him an d'Hänn geluecht als eng Gof, déi him gehéiert.

Mir wëssen et jo net, mee et ass awer unzehuelen, datt de Willibrord dat Erliefnes, wou hien dem Herrgott op déi Manéier uvertraut gouf, ni vergiess huet.

Un him ass däitlech ginn, wat hien duerno mat sengem Liewe bezeit huet: Gleewen ass sech dem Herrgott mat ganzem Vertrauen iwwerginn am Wëssen, datt hien Léift ass. Doraus entfält sech de ganze Sënn vu senger handschrëftlecher Notiz: **In Dei nomine feliciter**. Amen.

---

[1] Rainer Neu, Willibrord und die Christianisierung Europas im Frühmittelalter, Stuttgart 2021, 37-38